



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6392 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten André Bauler**

Ad 1):

D'Police féiert keng Statistiken iwwer d'Zuel vu Kontrolle vun engem spezifeschen Typ vu Gefierer. Statistike vu Verkéierskontrollen erméiglechen awer festzestelle wéi vill Infractionne vun engem spezifeschen Typ vu Gefierer konstatéiert an duerch en Avertissement taxé sanktionéiert goufen. Datebanken erlaben et och net automatiséiert rauszefannen, ob ee selwechte Chauffeur fir e puer Infractionne sanktionéiert gouf. Ënnert all deene Reserve kann ee festhalen, dass an der Period vu Juni 2020 bis Juni 2022 insgesamt 2468 Avertissements taxés géint Motosfuerer ausgestallt goufen.

Ad 2):

Vun de 2468 Avertissements taxés sinn der ronn 900 wéinst diverse Sécherheetsmängel a Kaméidi ausgestallt ginn.

Ad 3):

Am Kader vu hiren deeglechen Aufgabe féiert d'Police am ganze Land Verkéierskontrollen duerch, woubäi e besonnesche Fokus ob déi accidentogène Strecke gesat gëtt. An de Summerméint gi verstärkt Motorradskontrolle gemaach, virun Allem am Norden an am Oste vum Land op méi touristesche Strecken.

Ad 4)

55 % vun den Infractionne goufen tëschent Juni 2020 a Juni 2021 bei auslännesche Motorradfuerer festgestallt.

Ad 5):

D'Police féiert all Dag am ganze Land Verkéierskontrollen duerch. Heibäi gi verschidde Krittäre berécksiichtegt, ënnert anerem d'Accidentologie, d'Auswäertunge vun eisen automatiséierten Zielungen, Doleance vu lokalen a regionalen Autoritéite fir d'Emplacementer vun de Kontrollen ze bestëmmen.

Wéi schonn an der parlamentarescher Fro No. 6407 vum 27. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo erkläert, verfüügt d'Police net iwwer déi néideg technesch Equipementer, fir spezifesch Kontrolle betreffend Kaméidibelästegung ze maachen. Dowéinst ass dat da bis elo just punktuell an an Zesummenaarbecht mat Experte vum MMTP, SNCA an TÜV Rheinland gemaach ginn.

Ad 6):

Aktuell verfüügt d'Police iwwer keng Informatiounen déi verstärkt Kontrolle géingen erfuerderlech maachen.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX